

## Une idée de folie pour contrer la censure

Cinéma: «Le concert» de Radu Mihaileanu et les autres films nouveaux. Page 18

## Nadav Lapid: de Tsahal à Céline

Entretien avec l'écrivain et réalisateur israélien. Page 19



## Carnet culturel

### Vortrag über Bionik: nach dem Vorbild der Natur

**Luxemburg.** Heute um 19 Uhr im Auditorium Cité, 3, rue Genistre, wird Dr. Tom Masselter einen Vortrag halten, wie technische Innovationen in Zusammenarbeit von Ingenieuren und Biologen realisiert werden, indem sich die Forscher von der Natur inspirieren lassen. Eintritt frei.

### Concert-apéritif avec le Quatuor à cordes

**Mersch.** Le Mierscher Kulturhaus invite le dimanche 8 novembre à 11 heures au concert du Quatuor à cordes de Judith Lecuit (violoncelle), Vania Lecuit et Anastassia Milka (violon), Petar Mladenovic (Alto), Manou Walesch (voix). Au programme: de Schubert «Der Tod und das Mädchen»; de Mendelssohn-Bartholdy huit Lieder, avec six Intermezzi de Aribert Reimann. Entrée à 10/5 euros. Tél. 26 32 43-1.

### Musique contemporaine italienne par Lucilin

**Dudelange.** L'ensemble Lucilin donnera le dimanche 8 novembre à 17 heures, son premier concert au centre opderschmelz. Le programme est composé d'œuvres issues du répertoire italien des XX$^{e}$ et XXI$^{e}$ siècles: Luciano Berio, Mario Lanza, Franco Donatoni, Bruno Maderna ou Fausto Romitelli, mais aussi des références aux films italiens avec des pièces de Nino Rota et Ennio Morricone. Prévente à 10 euros; caisse du soir à 15 euros. Réservation au tél. 51 61 21-290.

### Peter Perfido et Brotherhood of Blues

**Luxembourg.** Apéro's Jazz le dimanche 8 novembre à 11.30 heures à la Brasserie, avec Peter Perfido and the Brotherhood of Blues, composé de Wally Greaney (harmonica, vocals, tenor sax), Uwe Herr (guitare), Thomas Lipps (bass), Peter Perfido (drums). Entrée libre. Le concert est suivi d'un brunch. Réservation (brunch) au tél. 26 20 52-981.

### «Dido & Aeneas» par le New London Consort

**Luxembourg.** Le New London Consort, sous la direction de Philip Pickett, sera en concert à la Philharmonie le 9 novembre à 20 heures avec «Dido & Aeneas» de Henry Purcell. Version baroque 1700 reconstituée par Peter Holman et Andrew Pinnock, avec Julia Gooding (soprano), Michael George (baryton-basse) et Dana Marbach (soprano). Tickets à 20/30/40 euros (moins de 27 ans: 12/18/24 euros). Tél. 2632 2632 ou www.philharmonie.lu. Introduction par Bjørn Woll, backstage SMC à 18 heures (en allemand).

Mierscher Kulturhaus

# Text-Schierbelen aus Liewen a Wierk vum Dicks

„Schold & Schäin", eng Inszenéierung vum Claude Mangen

VUM JEFF BADEN

**D'Mierscher Kulturhaus hat vru kuerzem op eng Pressekonferenz invitéiert, fir hir nei Theaterkreatioun „Schold & Schäin", eng Koproduktioun mam „Centre national de littérature" (CNL) an enger Inszenéierung vum Claude Mangen virzestellen.**

Wéi et sech fir de Sujet vum Stéck a säin Auteur gehéiert, huet de Regisseur mat enger gudder Portioun Humor d'Liewen an d'Wierk vum Edmond de la Fontaine alias „Dicks" presentéiert.

Den Dicks gouf als drëtte Fils vum Gaspard Théodore Ignace de la Fontaine an der Joséphine Francq de 24. Juli 1823 an der Stad um Knuedler gebuer. 1841 gouf säi Papp vum hollännesche Kinnek Wëllem II. zum Gouverneur vum Grand-Duché ernannt.

No senge Studien zu Léck an Heidelberg gouf den Dicks 1850 als Affekot vereedegt. Duerno war hie Substitut um Stater Friddensgeriicht. Vun 1867 bis 1870 war hie Buergermeeschter vu Stadbriedimes, wou hie mat senger Fra a sengen dräi Kanner am Schlass gewunnt huet. 1881 ass hie Friddensriichter vum Kanton Veiane ginn, wou hie bis zu sengem Doud (24. Juni 1891) gelieft huet.

Zënter der Uropféierung vu sengem „Scholdschäin" am Joer 1855 duerch d'Stater „Gym", deem éischte Koméidistéck op Lëtzebuergesch gëllt hien als Papp vum Lëtzebuerger Theater. Den Dicks hat sech als Autodidakt zolitt musikalesch Kenntnisser ugëeegent an huet bei ville Stécker och d'Musek selwer komponéiert, woubäi seng Lidder och nach haut gär gesonge ginn. Dee villsäiteg begabten an interesséierten Dicks huet nieft sengen Theaterstécker an Texter ë. a. och Kannerreimer, Gedichter a Bicher iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch a Gebraïch erausginn.

Mam Dicks konnt eis Sprooch jiddefalls hir éischt Schrëtt op enger Theaterbühn maachen an hien huet fir e Joerhonnert vill Lëtzebuerger Dramatiker beaflosst.

An „Nos Cahiers 1997/3" weist de Professer Roger Muller ënnert dem Titel „Kleists Lustspiel Der zerbrochene Krug: Vorlage zum Scholdschäin von Dicks?" (S. 79ff.) interessant Parallelen tëscht deenen zwee Stécker op, wourunner sech de Claude Mangen inspiréiert huet. De Regisseur huet sech e Spaass draus gemaach, mat Schierbelen aus dem Dicks sengem Liewen a Wierk déi gebrache Schossel nei an anescht zesummenzepapen: „Ween ass Schold? – Wat ass Schäin? Dee Kromme wäert et riichten!"

De Projet gouf ofschléissend am Detail presentéiert vum Claude Mangen, Karin Kremer (Directrice vum Mierscher Kulturhaus) a Germaine Goetzinger (Directrice vum CNL) zesumme mat der kënschtlerescher Equipe an de Partner INECC (Direkter Camille Kerger) an „défi-job" (CPG) (Paula Gomes).




**Germaine Goetzinger**, *Claude Mangen.* *(FOTO: MARC WILWERT)*

---

Uropféierung vum Stéck ass den 13. November. Weider Virstellungen de 14., 21. November souwéi de 4., 5. Dezember all Kéier um 20 Auer, ausserdeem och nach den 22. November an de 6. Dezember um 17 Auer. Entrée 17 € (Erwuessener), 12 € (Reduktioun), Reservatioune fir déi nummeréiert Plazen ënner luxembourgticket.lu oder Tel. 47 08 95 1 (Code Abonnement: 147).

D' Dicks-Ausstellung am CNL zu Miersch „Ech sinn e groussen Hexemeeschter" ass nach op bis den 28. Mäerz 2010 vu méindes bis freides (10-18 Auer) a virun all Virstellung am Mierscher Kulturhaus.

# „Mein Herz ist völlig entzücket aus lauter Vergnügen"

„KammerMusekVeräin Lëtzebuerg" mit Werken von Wolfgang Amadeus Mozart

Die Musik Wolfgang Amadeus Mozarts ist ein Phänomen, das uns auch 218 Jahre nach seinem Tod noch beschäftigt und bewegt. Neben der kaum überblickbaren Menge an herrlicher Musik, die uns das Salzburger Genie hinterlassen hat, gibt es auch hunderte von Briefen aus seiner Feder, die uns den Menschen und Musiker Mozart etwas näher bringen.

Der „KammerMusekVeräinLëtzebuerg" gestaltet einen Abend, in welchem sowohl Mozarts Musik als auch seine schriftlichen Äußerungen zur Geltung kommen werden. Marc Limpach liest aus Mozarts Korrespondenz, dazwischen erklingen kürzere und weniger bekannte Werke Mozarts. Das Bassetthorn steht im Mittelpunkt dieses Konzertabends. Mozart hatte eine besondere Vorliebe für dieses Instrument. Mit Mariette Lentz, Sopran, Markus Brönnimann, Flöte, Romain Gross, Bassetthorn, Sébastien Duguet, Bassetthorn, Marcel Lallemang, Klarinette und Bassetthorn, Claude Giampellegrini, Cello, David Ianni, Klavier. (C.)



**Mozart-Abend** *mit dem „KammerMusek Veräin Lëtzebuerg".* *(FOTO: KMVL)*

---

Am Mittwoch, 11. November, um 20 Uhr im CAPe. Tel. 26 81 21-304, von Dienstag bis Freitag von 13 bis 18 Uhr. 15 € / 7,50 €. www.cape.lu